

**Schwätzt Dir  
Lëtzebuergesch ?**



# Léisungen

## Widderhuelung 2

# Léisungen **Widderhuelung 2**

## *Eng kleng Widderhuelung* Säit 96

1. Liest d'Reklamm a beäntwert d'Froen.  
Schafft zu zwee.



1. Wéini ass de Stroosseverkaf?

*De Stroosseverkaf ass e Samschdeg, den 29. an e Sonndeg, den 30. Juli.  
E Samschdeg vun aacht Auer moies bis siwen Auer owes an e Sonndeg  
vun zéng Auer moies bis siwen Auer owes.*

2. Wat kann een do kafen?

*Et kann ee Kleeder, Accessoires an Dekoratioun kafen.*

3. Wat ass gratis?

*De Syndicat d'Initiative spendéiert e Kaffi an e Croissant an et gëtt eng  
gratis Crèche.*

2. Liest den Text. Sicht d'Informatiounen a schreift se op.



*Zum Beispill:*

1. Dat weess ech elo iwwert dem Sven seng Aarbecht:

*Hien ass Sänger. Et kann een hien engagéiere fir Hochzäiten, Gebuertsdeeg  
oder aner Evenementer. Hie séngt och an enger Band. Seng Band spillt  
Concerten zu Lëtzebuerg an am Ausland.*

2. Dat weess ech elo iwwert dem Sven seng Famill:

*Seng Mamm ass Pianistin.*

*Säi Brudder ass Moler.*

*Seng Fra heescht Cathy. Si ass Déierendoktesch.*

3. Aner Informatiounen iwwert de Sven:

*Hien huet Literatur studéiert.*

*Hie wunnt mat senger Fra zu Ëlwen op engem renovéierte Bauerenhaff.*

*Si hu vill Déieren.*

*Hien huet e Musekszëmmer.*

# Léisungen **Widderhuelung 2**

## *Eng kleng Widderhuelung* Säit 97

3. Wat ass richtig? Lauschtert a kräizt un.



156

1. D'Nicole an d'Linda  
 treffe sech oft.  
 treffe sech net oft.
2. D'Nicole  
 wunnt elo zu Biissen.  
 wunnt elo an der Stad.
3. Hatt  
 schafft an enger Praxis.  
 schafft an engem Altersheem.
4. Hatt  
 ass bestuet.  
 ass gepacst.
5. D'Linda  
 schafft an der Stad.  
 schafft net an der Stad.
6. D'Nicole invitéiert d'Linda  
 op eng Gebuertsdagsparty.  
 op eng Grillparty.
7. Dem Nicole säi Brudder  
 kënnt eleng op d'Party.  
 kënnt mat senger Famill op d'Party.
8. Dem Nicole säin Haus  
 ass kleng.  
 ass grouss.
9. De Wee fir bei d'Nicole  
 ass einfach.  
 ass komplizéiert.
10. D'Linda  
 akzeptéiert d'Invitatioun.  
 ass nach net decidéiert.